N°1273
Entrée le 12.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°1273 vun der honorabelen Deputéiert Djuna Bernard zum Centre Oasis zu Woltz.

Ad 1)

Fir d'éischt ass z'ënnersträichen, dass am Kader vum Transfert vun der Konventioun vun der Fondation Caritas, ënner déi och eng Rei Aktivitéite vum Centre Oasis falen, op HUT a.s.b.l., dat konventionéiert Personal vum Centre Oasis integral iwwerholl gouf.

Wat déi vun der honorabler Deputéiert ugeschwaten Aktivitéiten betrëfft, sou war am Accord mat der Direktioun vum Centre Oasis decidéiert ginn, déi betraffen Aerobics- a Bitzcoursen, déi bis dato vu Freelancer assuréiert goufen, opgrond vun der méi niddreger Demande, net weiderzeféieren.

D'Fërdere vum Zesummeliewen an d'Stäerke vun der sozialer Kohäsioun stelle ganz kloer Prioritéite fir de Familljeministère duer. Mam Gesetz vum interkulturellen Zesummeliewen ass de Kader geschafe ginn, fir d'Zesummeliewen op nationalem wéi lokalem Niveau geziilt ze promouvéieren. Duerch spezifesch Instrumenter, wéi dem Gemengepakt, ënnerstëtzt an begleet de Ministère d'Gemenge bei der Ëmsetzung vu konkrete Moossnamen, sief et z.B. am Beräich vum Kampf géint Diskriminatioun, d'Stäerke vun der Biergerbedeelegung op lokalem Plang, d'Organisatioun vun interkulturellen Aktivitéiten, oder nach d'Promotioun vu sougenannten „Tiers lieux", d.h. inklusiv Plazen, wou d'Bierger sech kënnen begéinen an gemeinsam Aktivitéiten kënnen organiséiert ginn.

Ad 2)

Wéi annoncéiert, huet déi nei A.s.b.l. Hëllef um Terrain all déi konventionéiert Servicer iwwerholl. Dem Familljeministère ass kee Fall bekannt, wou dëst net geschitt wier.

Lëtzebuerg, den 12. November 2024

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn